Talent

Eppes wouranner ech gutt sinn oder

eppes ganz Neies ausprobéieren

Proud to be
THE DUKE OF EDINBURGH'S INTERNATIONAL AWARD
In Luxembourg

Wéi vill Zäit muss ech mindestens an des Aktivitéit investéieren?

Bronze: 3 Méint **Selwer: 6 Méint** **Gold: 12 Méint**

- Fir Bronze kanns du dësen Volet wielen fir 3 weider Méint deng Aktivitéit weider ze maachen.
- Als Direkteinsteiger kanns du dësen Volet wielen fir deng Aktivitéit méi laang ze maachen (Bei Selwer a Gold nach 6 Méint zousätzlech).
- D'Aktivitéit gëtt 1 Stonn pro Woch duerchgefouert. Och wann s du déi Aktivitéit méi oft an der Woch méchs, zielt just den Opwand vun enger Stonn. Du muss also egal wéi deng Mindestdauer vun 3-12 Méint anhalen.

Wéi soll ech virgoen?

Eng Aktivitéit eraussichen déi dech interesséiert



Dem Tuteur deng gewielten Aktivitéit matdeelen



Deng Ënnerschrëften sammelen all Kéiers wou s de dohinner gees

Wann s de färdeg bass, da looss deen deen deng Aktivitéit iwwerwaacht huet (däin Coach) dir eppes an däin Recordbook schreiwen an den Datum ausfëllen

Beispiller

- Een Instrument spillen oder sangen, Theater
- Bitzen, Kachen oder Baken
- Zeechnen, am Holz schaffen, Fotografie
- Gaardenaarbecht, Déieren fleegen
- Billard, Dart, Schach
- Informatik, Medien, Wëssenschaften

An dësem Volet solls du dir KENG Sportaart eraussichen.

Wann s du dir net sécher bass ob deng Aktivitéit an dësen Volet gehéiert, da fro bei engem Responsabelen deen dech betreit an der Unitéit no!

Du kanns bei näischt duerchfalen. Du solls däin Bescht ginn fir dech an eppes ze verbesseren an eppes bäizeléieren an esou d'Zieler déi s du dir setz kanns erreechen.